# Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.

# Tätegkeetsbericht 2025

EbL

Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.

WWW.EBL.LU



# Inhaltsverzeichnis


**Virwuert vum President..... 3**
**EBL - Tëscht Zukunft a Geschicht..... 7**
**Team EBL..... 8**
**Abonnenten ..... 9**
**D'EBL hannert de Kulissen an Zuelen..... 11**
**Project Village vun der EBL..... 12**
**EBL Campagnen a Projeten..... 13**
Ouni Pestiziden..... 14
Green Events..... 15
Gutt Geschier..... 16
Ëmweltbicher..... 17
Naturpakt & Klimapakt..... 18
Grénge Web..... 20
Nohalteg Digitaliséierung..... 21
Mol Nach Emol..... 22
Plastic Loop..... 23
Betti a Litti spille mam Dreck..... 24
Pedagogesch Kofferen..... 25
Invasiv Neophytten..... 26
Wuerzelwierk..... 27
Bildung fir nohalteg Entwécklung..... 28
Drénkwaasser..... 29
Diplom +..... 30
LUGA..... 31
Des petits défis pour une planète ..... 32
DiEFo..... 33
COMMODO..... 34
Schwammstad/-duerf..... 35
Projeten, déi 2025 manner aktiv waren..... 36
**Publikatiounen..... 37**
Infografiken..... 37
Kleng Schrëtt..... 38
**Reseautage..... 39**
Austausch mat der EU- Kommissioun..... 39
Ernärungsrot, Buedemgesellschaft a Voco..... 39
**Kommunikatioun..... 41**
Press a Radio..... 43
**Veranstaltungen..... 45**
**Divers..... 46**
Avisen..... 46
Mir si geplënnert..... 47

# Virwuert vum President



## D’EBL 2025

D’Joer 2025 war fir d’EBL e Joer mat villen Aktivitéiten, neie Projeten a wichtege Veränneerungen. Dëse Bilan weist, wéi staark d’Organisatioun sech entwéckelt huet a wéi eng nei Erausfuerderungen dobäi entstane sinn.

### Nei Strukturen a neit Doheem

D’EBL huet 2025 en neit Doheem fonnt. Dës Décisioun war aus zwou Grënn néideg: engersäits wéinst der Ongewëssheet ronderëm d’Entwécklung vum Site Bamhaus, anerersäits well eis Équipe gewuess ass an do net méi genuch Plaz hat. Zënter Ufank Dezember ass d’EBL op hirem neie Siège um Boulevard de la Pétrusse installéiert.

### Eng nei grouss Aufgab: Green Events

De Wuesstem vun der Equipe war och néideg, well d’EBL sech op eng nei, méi grouss Aufgab agelooss huet. Am Fréijoer huet den Ëmwelt-, Klima- a Biodiversitéitsministère eis kontaktéiert, fir ze froen, ob mir d’Campagne “Green Events“ kéinten iwwerhuelen, nodeems de virege Prestataire säi Kontrakt net méi verlängere wollt. D’EBL huet d’Koordinatioun iwwerholl a wëllt och eng Weiderentwécklung virundreiwen, fir iwwer dee Wee:

- déi lokal Produktioun, a besonnesch d’Bioproduktioun, ze stäerken an de Produzente méi Visibilitéit ze ginn;
- de Méiwee weider auszebauen an déi bestoend Hindernisser ze identifizéieren an ofzebauen;
- Green Events och an anere Secteuren an iwwer d’Grenzen eraus ze verankeren.

# Virwuert vum President

## Wuesstem, Verantwortung an nei Ufuerderungen

D'EBL ass méi grouss ginn: méi Mataarbechter, méi Projeten an och méi Engagementer nieft dem deegleche Geschäft. Mir si gefrot an ënnerschiddlechen Aarbechtsgruppen, wéi dem Renaturéierungsdësch, dem Waasserdësch oder am Kader vum Thema Schwammstad. Donieft gi mir och ëm Avisen zu nationale Strategien a Pläng gebieden, ënner anerem zum Waasserbewirtschaftungsplang oder zum nationalen Offallgestiounsplang. Dat alles huet souwuel d'Mataarbechter wéi och de Comité staark gefuerdert.

D'EBL huet sech och enger Rei Initiativen ugeschloss, wéi dem Ernärungsrot, der Buedemgesellschaft oder VOCO, fir d'Interête vun der Zivilgesellschaft ze vertrieden. Parallel dozou lafen eng grouss Zuel u Projeten: nei Initiativen, laangjäreg Aktivitéiten an och Projeten, bei deenen d'EBL eng Leaderroll mat vill Koordinatioun iwwerhélt. Dobäi kënnt d'Kreativitéit vun eise Mataarbechter, déi ëmmer nees nei Iddien opbréngen, zum Beispill Wuerzelwierk, Schwammstad oder Aktivitéiten an der Campagne "Ouni Pestiziden".

An engem Ëmfeld, dat ëmmer méi komplex gëtt, klammen och d'Ufuerderunge beim Finanzement vun den ASBLen a beim Reporting fir d'Fräigab vun de Finanzmëttel. Dat verlaangt eng nei Organisatioun an eng méi enk Begleedung vun de Mataarbechter duerch de Comité.
Fir dësen neien Erausfuerderunge gerecht ze ginn, hu mir am Hierscht an enger Klausur intensiv iwwer déi intern Aarbechtsopdeelung, d'Zesummespill tëscht Mataarbechter a Comité an iwwer de Fonctionnement vum Comité diskutéiert. Dës Reflexioune goufen 2026 verdéift an hunn zu konkrete Konklusioune geféiert.

## Eng Gesellschaft am Ëmdenken

Zënter Joerzéngten huet eng ekonomesch Denkweis dominéiert, déi de Gewënn iwwer sozial an ekologesch Verantwortung gesat huet. Dat huet zu engem Raubbau un Natur a mënschleche Ressourcë geféiert. Haut gesi mir awer ëmmer méi kloer, datt dës Approche hir Grenzen huet an datt en Ëmdenken noutwenneg ass. Lues a lues huet een d'Gefill dass sech dës Erkenntnis duerchsetzt duerch:

# Virwuert vum President

- eng wuessend Sensibilitéit dofir, wéi politesch a wirtschaftlech Interêten d'Welt zu hire Gonschte gestalte wëllen;
- d'Feststellung, datt iwwerdriwwe Kontroll- a Verwaltungsmechanismen heiansdo méi Ressourcë bannen ewéi se Wäert schafen;
- d'Erfarung, datt méi Gréngs an den Uertschaften net nëmmen d'Liewensqualitéit verbessert, mee och vill positiv Effekter mat sech bréngt;
- positiv Dynamiken duerch Initiativen ewéi de Klima- a Naturpakt ;
- eng nei Generatioun an Administratiounen, déi al Gewunnechten a Fro stellt;
- den Engagement vun Acteuren aus der Zivilgesellschaft, wéi enger EBL, déi informéieren, sensibiliséieren a motivéieren.

Dës Erkenntnis an de Feedback, dee mer vun eise Projete kréien an déi steigend Sollicitatioun vun den Acteuren aus der Zivilgesellschaft mécht mech optimistesch dass mer um Wee sinn:

- an eng Zukunft, an där mir méi bewosst a manner verschwenderesch mat eise Ressourcen ëmginn;
- dass déi grouss Dynamik an de Gemengen, zu villen interessanten a nohaltege Projete féiert;
- zu méi Nofro no lokalen a biologesche Produkter;
- zu méi direkter Bedeelegung vun den Acteuren aus der Zivilgesellschaft u strategeschen Dossieren, zum Beispill iwwer de Renaturéierungs- oder Waasserdësch a ronderëm d'Schwammstad;
- datt Themen ewéi Nohaltegkeet, Kreeslafwirtschaft, Klimaupassung an Ëmweltbildung ëmmer méi staark an de Gemengen ukommen.

A genau hei ass d'EBL e kompetenten Uspriechpartner a kann hëllefen, Orientéierung ginn an Äntwerten op Froen ubidden, fir nei Weeër an engem responsabelen Ëmgang mat eise Ressourcen opzemaachen.

# Virwuert vum President

## D'EBL-Famill wiisst

Net nëmmen eise Staff ass gewuess, mee och d'Zuel vun eisen Abonnenten. Aktuell hunn 88 Gemengen en Abonnement bei der EBL, wat 95% vun der Bevëlkerung ofdeckt. Am Detail weist dësen Aktivitéitsrapport, datt d'EBL haut ganz breet opgestallt ass. Eis Aarbecht ëmfaasst Ëmweltbildung, thematesch an informativ Publikatiounen, zirkulär Wäertschöpfung, Reuse a Sharing, de Schutz vu Ressourcen an Ëmwelt, souwéi eng aktiv Mataarbecht un nationalen Dossieren. Esou leeschte mir e konkrete Bäitrag zu enger méi nohalteger Zukunft.

## Merci un all déi, déi dës Dynamik droen

Datt mir ëmmer méi sollicitéiert ginn, ass d'Resultat vu gudder Aarbecht a vu Prestatiounen, déi den Erwaardunge vun eise Partner entspriechen. E grousse Merci geet dofir un eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi mat Kreativitéit, Engagement a Kompetenz e wichtege Grondstee fir dësen Erfolleg leeën.
E wichtege Bäitrag kënnt och vum Comité, deem seng Kompetenzen an Erfarunge wesentlech zum Erfolleg vun der EBL bäidroen. Dat selwecht gëllt fir eis Memberen, déi eis mat hire Froen erausfuerderen an eis gläichzäiteg wäertvollen Input ginn.
Ofschléissend wëll ech iech all e grousse Merci soen: menge Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Comité, déi sech nieft hirem Beruff bénévol asetzen, eise Mataarbechterinnen a Mataarbechter an all eise Memberen a Partner. Zesumme si mir d'EBL – eng Organisatioun, déi scho vill bewierkt huet an och an Zukunft bereet ass, nei Erausfuerderungen unzegoen an eis Gesellschaft méi nohalteg matzegestalten.



**Guy SPANIER**
*President vun der EBL*

# EBL : Tëscht Geschicht an Zukunft

A 34 Joer gouf et schonn...



**27** Mataarbechter.innen (2025: 7)

**95** Privatmemberen (2025: 46)

**25** Leit am Comité (2025: 9)

**17** Stagiairen an Hëllefskräften (2025: 0)

**Eng helle Wull** u Projeten a Campagnen

# Team EBL

D'EBL gëtt geleet vun engem Comité, an deem et 2025 e puer Ännerunge par Rapport zum Joer virdru gouf. Mam Guy Spanier als President, dem Luc Friedrich als Vize-President an dem Laurent Majerus als Sekretär huet sech näischt verännert. De Responsabilitéitsposte vum Tresorier gouf, nodeems de Jos Mathieu no 18 Joer ofgetrueden ass, vum Charel Kass iwwerholl. Och d'Caroline Calmes an de Max Klein hunn hiert Mandat am Comité ofgeluecht. Nei an de Comité gewielt gouf d'Laurence Habscheid. Mir wënschen dem Laurence vill Erfolleg bei der EBL a soen dem Caroline, dem Max an dem Jos e ganz grousse Merci fir déi vill flott Momenter an hire wäertvollen Engagemengt wärend all deene Jore bei der EBL.



**Vu lénks no riets:** Laurent Majerus (Secretaire), Jeannot Behm, Charel Kass (Tresorier), Daniel Flies, Guy Spanier (President), Luc Friederich (Vice-President), Klaus Gröll, Laurence Habscheid. **Absent**: Jeremy Harik.

D'EBL hat am Joer 2025 7 Mataarbechter.innen, déi d'Dagesgeschécker vun der EBL geleet hunn. Den Nils LECHES, de Gil KIRCHEN, d'Julie GARLINSKAS, de Fränz HAUSEMER, d'Céline DUCOURANT an den Adrien FLAMMANG bloufen dem Veräin och am Joer 2025 als Mataarbechter.innen erhalen. D'Laura LUCIUS huet d'Ekipp ab Oktober verstäerkt. D'Carla CARDOSO huet no 4 Joer treiem Botzdéngscht säin CDI gekënnegt.










# Membres adhérents 2025



# Abonnentegemengen

BECKERICH
BETZDORF
BOULAIDE
CLERVAUX
CONTERN
DIFFERDANGE
ELL
ESCH-SUR-ALZETTE
FRISANGE
GREVENMACHER
HESPERANGE
KÄERJENG
KIISCHPELT
LAC DE LA HAUTE-SÛRE
LUXEMBOURG
MERSCH
MONDERCANGE
NOMMERN
PRÉIZERDAUL
RECKANGE/MESS
REMICH
RUMELANGE
SANEM
SCHUTTRANGE
STEINSEL
TROISVIERGES
VIICHTEN
WEILER-LA-TOUR
WINCRANGE

BERTRANGE
BISSEN
BOURSCHEID
COLMAR-BERG
DALHEIM
DIPPACH
FEULEN
ESCH-SUR-SÛRE
GARNICH
GROSBOUS-WAL
HOBSCHEID
KAYL
KOERICH
LEUDELANGE
MAMER
MERTERT
MONDORF-LES-BAINS
PARC HOSINGEN
PUTSCHEID
RÉDANGE
ROESER
SAEUL
SCHENGEN
STADTBREDIMUS
STRASSEN
USELDANGE
WALDBILLIG
WEISWAMPACH
WINSELER

BETTEMBOURG
BIWER
BOUS-WALDBREDIMUS
CONSDORF
DIEKIRCH
DUDELANGE
ERPELDANGE
ETTELBRUCK
GOESDORF
HELPERKNAPP
JUNGLINSTER
KEHLEN
KOPSTAL
LORENTZWEILER
MANTERNACH
MERTZIG
NIEDERANVEN
PÉTANGE
RAMBROUCH
REISDORF
ROSPORT-MOMPACH
SANDWEILER
SCHIFFLANGE
STEINFORT
TANDEL
VIANDEN
WALFERDANGE
WILTZ
WORMELDANGE

# Memberorganisatiounen an -entreprisen

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 100 joer natur&ëmwelt | OUR Naturpark | NATURPARK ÖEWERSAUER | SDK SuperDrecksKëscht | MINETT UNESCO BIOSPHERE / E Label vu prol sud |
| MINETT KOMPOST | SIDEC | SYNDICAT DES EAUX DU SUD KOERICH | STEP | OGB·L — THE TRADE UNION |
| KANTON REIDEN | IGLux Ingenieurgemeinschaft Luxemburg s.à r.l. | | Schroeder & Associés | CHEM Centre Hospitalier Emile Mayrisch |
| CFL | de Buedemleër | LUXEMBOURG INSTITUTE OF SCIENCE AND TECHNOLOGY LIST | sias Syndicat intercommunal à vocation multiple | wunnéngs hëllef asbl |
| | SIACH | Lycée Technique d'Ettelbruck | nfpc Centre national de formation professionnelle continue | |

# D’EBL hannert de Kulissen an Zuelen

## Reunioune fir Projeten




## Weider Reuniounen




**TOTAL 2025 : 433**

- 13,4% par Rapport zu 2024

# Project Village vun der EBL



# EBL

# Campagnen a Projeten

**Projete** si kuerzzäiteg oder sporadesch Aktivitéiten oder eemoleg Initiative mat enger zäitlech ageschränkter Ëmsetzung (meeschtens 1 oder 2 Joer) mat engem predefinéierten Output an enger konkreter Zäitschinn. Projete kënnen awer och alt emol spéider an eng laangjäreg Campagne iwwergoen.




Ënnert **Campagne** versti mir e längerfristegt Engagement, bei deem d'EBL d'Koordinatioun iwwerholl huet oder den Initiator ass. Oft ginn d'Campagne mat anere Partner ëmgesat a lafen iwwer eng Rei Joren, mat ëmmer nees neien Elementer, Aktiounen an Entwécklungen. Campagne kënnen an allen Ëmweltberäicher gemaach ginn oder méi Aktiounsfelder ëmfaassen oder och eng Austauschplattform duerstellen.

# Ouni Pestiziden

**D'Campagne Ouni Pestiziden setzt sech säit iwwer 15 Joer fir e Verzicht, respektiv e méi nohaltegen Ëmgang mat Planzeschutzmëttel a Bioziden an a regruppéiert eng grouss Zuel u nationalen Acteuren aus dem ëffentlechen an associative Beräich. D'EBL assuréiert säit dem Ufank d'Koordinatioun vun der Campagne.**

## Iwwerbléck

Säit 2023 bestinn zwou Aarbechtsgruppen, déi och 2025 ganz aktiv waren: Stauden Ouni Pestiziden (1) an Naturnoe Gaart (2). Béid Aarbechtsgruppen hu sech 4x en hallwen Dag getraff fir un Theemen ze schaffen a mat konkrete Projeten ze verbannen. Nieft den Aarbechtsgruppe stoung awer och d'Sensibiliséierung vum Bierger nees am Haaptfokus. Iwwert déi traditionelle Press, sozial Medien an der Participatioun bei Fester a Veranstaltunge setzt d'Campagne Akzenter a beréit de Bierger am Sënn vun engem méi naturnoe Verhalen am Gaart an am Haushalt. Doriwwer eraus gouf d'Netzwierk vun der Campagne och weider gepfleegt an ausgebaut.

## Aarbechtsgrupp Stauden Ouni Pestiziden

Zil ass et, eng national a pestizidfräi Staudeproduktioun unzestoussen, fir der grousser Demande no ekologesch wäertvollen Zierstaude vu Säit vun de Gemengen an de Naturparken, awer och de Privatleit nozekommen.

## Aarbechtsgrupp "Naturnoe Gaart"

Zil ass et d'Biodiversitéit iwwert de Wee vum naturnoe Gäertner ze promouvéieren. Säit e puer Joer schafft d'Grupp un enger Formatioun fir naturnot Gäertneren déi an Zesummenaarbecht mam CNFPC a mat der Naturgarten Akademie ëmgesat soll ginn.






## Ausbléck

### Initiativ "Stauden Ouni Pestiziden"

Fir d'Fréijoer 2026 ass de Lancement vun der Staudeproduktioun geplangt. Hei wäerte vun 2 Gäertnereien (op der Schock zu Réiden an Atelier Hondsburren zu Wolz) e puer Aarte produzéiert ginn, déi fir Promotiounszwecker a Schaubeeter geplanzt ginn an un d'Leit gratis verdeelt wäerte ginn. Am Laf vum Joer soll de Projet bei de Gemenge promouvéiert ginn a weider Gäertnereie gesicht ginn.

### Formatioun "Naturno Gäertneren"

Am Hierscht 2026 soll déi éischt Formatioun starten. D'Formatioun wäert sech iwwert ee Joer zéien a 5 Moduller beinhalte mat Theoretesche, wéi och prakteschen Deeler.

# Green Events

**"Green Events", eng Initiativ vum Ëmweltministère, déi säit Enn 2025 vun der EBL mat koordinéiert gëtt. D'Initiativ soll den ekologeschen Impakt vu Veranstaltungen zu Lëtzebuerg reduzéieren, andeems d'Organisateuren duerch Informatioun, Sensibiliséierung a Begleedung beim Plangen an der Ëmsetzung vun hirem nohaltegen Event ënnerstëtzt ginn,**

## Iwwerbléck

Säit Oktober 2025 huet d'EBL eng Konventioun mam Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit zur Iwwernam vun der Initiativ Green Events. D'Periode Oktober-Dezember 2025 gouf genotzt, fir den Handover vum Oekozenter Pafendall ze plangen a virzebereeden. An där Zäit stoungen dofir virun allem preparativ Aarbechte fir den Transfert vum Projet an de Recrutement vun 2 neie Mataarbechter*innen am Mëttelpunkt, fir ze garantéieren dass déi operativ Ëmsetzung ab Januar 2026 offiziell kann ëmgesat ginn. Déi komplett Iwwernam ass fir Januar 2026 virgesinn, wann d'Konventioun vum Oekozenter ausleeft. D'Zil vun der EBL ass et, de Projet nohalteg weiderzeentwéckelen an iwwer 2026 eraus ze verankeren. Déi aktuell Konventioun geet bis Enn 2026. Den 1. November gouf d'Laura Lucius agestallt, dat de Projet koordinéiere soll.




## Ausbléck

2026 gëtt virun allem genotzt fir eng nei strategesch Ausriichtung vum Projet auszeschaffen, nieft natierlech dem operationelle Volet mat de Berodungen. D'Kooperatioun mam Co-Gestionnaire SDK, deen och Berodungen zu Green Events mécht, soll weider gestäerkt ginn.

Den Internetoptrëtt vu "Green Events" gëtt iwwerschafft an d'Kommunikatioun no bausse verstäerkt. Doriwwer eraus sollen och geziilt Formatiounen an Info-Events stattfannen, fir d'Organisateuren ze sensibiliséieren.
Am Laf vum Joer 2026 soll dann déi nei Konventioun preparéiert an ënnerschriwwe gi fir den Zäitraum 2027-2031.

# Gutt Geschier




**D'Initiative Gutt Geschier steet fir eng aktiv Valoriséierung a Schounung vun ongenotzte Ressourcen an huet als Zil d'Iddi vun der Kreeslafwirtschaft. Säit Januar 2023 gëtt gebrauchten Handwierks- a Gaardegeschier gesammelt, opbereet an duerno iwwer e Locatiounssystem nees an Ëmlaf bruecht.**

## Iwwerbléck

Säit Januar 2023 bitt d'Initiativ Gutt Geschier de Bierger Second Hand Geschier zur Locatioun un. D'Benotzer kënnen d'Geschier iwwert eng App eraussichen a reservéieren an et da bei ee lokale Gutt Geschier Punkt siche goen. Uschléissend däerfen si et wärend enger Woch gratis benotzen.

Een éischte GG-Punk gouf 2023 an Zesummenaarbecht mat Facilitec/Transition Minett zu Esch opgemaach. Scho kuerz drop koumen zwee weider Sitten zu Suessem a Miersch dobäi. 2025 waren et dann nees zwee zousätzlech Punkten, een am "Klengen Haus" zu Déifferdeng an een am "Haff a Schmatts" zu Stroossen.

D'EBL begleet op Ufro hin den Opbau vun engem Gutt Geschier Punkt an enger Gemeng, engem Ressourcenzenter oder engem Betrib. Dozou gehéieren d'Zesummestelle vun engem Basis-Inventaire vu Geschier (min 95% gebraucht Geschier), den Encodage vun der App, d'Formatioun vum Gerant vum GG-Punkt, d'Ënnerstëtzung fir d'Promotioun (Social Media Post, Produktioun vun engem Video a.s.w) an de reegelméissege Suivi an d'Berodung fir déi optimal Gestioun vum Punkt.

Vun der Initiativ profitéieren ausserdeem akommesschwaach Persounen, déi esou gratis u qualitativ héichwäertegt Schaffgeschier kommen. De sozialen Aspekt vu Gutt Geschier gëtt duerch d'Zesummenaarbecht mat dem CNDS - Nei Aarbecht vun Hielem ënnerstrach a verstäerkt.

Bis elo gouf insgesamt **1.184 Mol** Geschier op deene 5 Sitte verlount.








## Ausbléck

Aktuell si 4 weider Punkten a Planung. Och am Norde vum Land soll d'Initiativ deemnächst Fouss faassen. Am Februar 2026 soll an Zesummenaarbecht mam SIAS e GG-Punkt am Ressourcenzenter Minsbech opgemaach ginn.

# Ëmweltbicher



**Bei der Initiativ “Ëmweltbicher” sollen eng Rei u Kannerbicher mat de Personnage Betti a Litti entstoen. Esou solle wichteg Ëmweltthematiken op eng kandgerecht Aart a Weis fir déi Jonk illustréiert an accessibel gemaach ginn.**

## Iwwerbléck

Dat zweet Buch an eiser Serie vun Ëmweltbicher (no “Mäin éischt Null-Offallbuch”) heescht “**Mäin éischt Bestëbserbuch**”. Et ass säit 2024 an der Maach, mat enger finanzieller Ënnerstëtzung vum Ëmweltministère (61.409,82 €). Bei dësem Buch geet et drëm, de Kanner eis Bestëbserinsekten ze erklären an op hir Wichtegkeet hinzeweisen awer och wisou et der ëmmer manner dovunner gëtt a wéi mer se an Zukunft besser schütze kënnen. Am Joer 2025 goufen den Inhalt an den Design finaliséiert. Den Illustrator Drazen Medakovic huet d’Buch no de Virgabe vun der EBL gezeechent. Den Naturmusée huet d’Illustratioune vun de Planzen a Bestëbserdéiere kontrolléiert, fir datt se fachlech méiglechst korrekt sinn. Och e kuerze Promotiounsvideo ass an der Maach, zesumme mam SKIN Creative Studio. Op der Websäit www.emweltbuch.lu gouf eng nei Sektioun fir d’Bestëbserbuch bäigesat.

Vum Null-Offallbuch goufen 2025 insgesamt 173 Bicher verkaf (50 u Schoulen, 42 u Privater an 81 un Organisatiounen). Dovunner 80 fir d’AEV, déi si per Gewënnspill verspillt hunn.

## Ausbléck

An der éischter Hallschent vun 2026 soll d’Bestëbserbuch gedréckt, promovéiert an duerno verkaf ginn. Haaptzilgruppe si Schoulen/Gemengen, awer och Privatleit, déi d’Buch ugangs iwwer e Gewënnspill souguer gewanne kënnen. De Promotiounsvideo soll nach finaliséiert an duerno op de soziale Medie gedeelt ginn. An enger zweeter Phase solle béid Bicher och an den Eenzelhandel an an d’Librairie kommen.

Parallel dozou geet och d’Promotioun vum Null-Offallbuch separat weider.




2021




2026

# Naturpakt & Klimapakt

**De Klimapakt an de Naturpakt sinn Instrumenter, déi de Gemengen et erméiglechen, mat verschiddene Levieren eng optimiséiert Klima-, Natur- an Energiepolitik ëmzesetzen.**

NaturPakt

Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur

D'EBL ass Member am Comité de Pilotage vum "**Nature Pact for Businesses**", dee vum IMS geleet gëtt. Ausserdeem hu mir eise Catalogue un Offere bei Pro-Sud virgestallt. Dëse gouf och eng Kéier iwwerschafft an aktualiséiert.



KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD

Meng Gemeng engagéiert sech

D'EBL war och am Joer 2025 weiderhin e Partner vun der Klima-Agence am Kader vum Klimapakt, zesumme mat de Partner CELL, IMS a Klima-Bündnis Lëtzebuerg. D'EBL huet un de séllege Versammlunge vun de Klimapaktpartner deelgeholl, déi vun der Klima-Agence organiséiert goufen a wou konstruktiv Echangë stattfonnt hunn. D'EBL huet och um Klimapaktdag 2025 deelgeholl.

Déi 4 Partnerorganisatiounen hunn tëschent Februar an Oktober 2025 eng grouss ‚consultation publique' en vue vun der Strategie zur Adaptatioun un de Klimawandel (2025-2035) organiséiert. Et goufen 8 theemespezifesch Experte-Workshops am MECB a 5 Workshops fir d'Bierger (verdeelt uechtert d'Land) gehalen. All d'Klimapaktpartner hunn dës Eventer zesummen organiséiert an animéiert. D'EBL huet dobäi ënner anerem d'Moderatioun vun 2 Experte-Workshops iwwerholl. Zu all Workshop gouf e Rapport opgestallt, wou d'Propose vun den Experten (respektiv vum 'grand public') opgelëscht waren. Déi goufen duerno un de Ministère kommunizéiert, fir d'Klimawandelupassungsstrategie 2025-2035 kënnen ze verbesseren.

D'EBL bleift och 2026 Partner am Klimapakt



# Grénge Web

**De Grénge Web sensibiliséiert iwwer eng nohalteg Digitaliséierung an ënnerstëtzt Betriber, Associatiounen a Privatpersounen, fir den digitale Foussofdrock vun hire Websäiten ze reduzéieren.**

## Iwwerbléck

2025 goufe 5 nei Websäite mat Ofschlossbericht analyséiert an domat hir Besëtzer iwwer d'Wichtegkeet vun nohaltege Geste bei der Gestaltung vun Onlinepresenze sensibiliséiert.

Fir de Label Grénge Web weiderzeentwéckelen an ze verstäerken, goufen e puer Reunioune mat bestoende Partner ofgehalen (Studio Moloko, Autisme Luxembourg, Heap). Dobäi goufen d'Tariffer fir d'Analys homogniséiert: 3 Grondtariffer fir all Zort vun Organisatioun, ofhängeg vun der Gréisst vum Site.

Fir zousätzlech an zukünfteg Kooperatioune mat institutionellen an ëffentleche Partner unzestriewen, gouf och den Ëmweltministère kontaktéiert fir eng méiglech Partnerschaft ze diskutéieren. Konkret Resultater gouf et do awer nach net.

## Ausbléck

Fir d'Joer 2026 hoffe mir, eis Partnerschaft fir de Projet mam Ëmweltministère ze fisseléieren, fir dem Label méi Visibilitéit kënnen ze ginn. Donieft lafen 2026 och e puer Analysen no hirer 2-Joer laanger Gültegkeet aus. D'Clientë ginn dee Moment kontaktéiert a gebieden hire Label duerch eng weider Analys ze erneieren. Esou gëtt d'Fiabilitéit vum Label geséchert a mir kréien och en Abléck an d'Zefriddenheet vun der Clientèle.






# Nohalteg Digitaliséierung

**Fir déi nohalteg Digitaliséierung lokal ze förderen, hält d'EBL Sensbibiliséierungsworkshoppen iwwer d'Theema an entwéckelt ee Guide fir d'Gemengen.**

## Iwwerbléck

D'EBL huet am Joer 2025 un engem ***"Guide pour une digitalisation durable des communes du Luxembourg"*** geschafft. Dee Guide soll haaptsächlech doréint ausgeschafft ginn, well d'Digitaliséierung déi am mannsten ëmgesate Mesure am Kader vum Klimapakt ass. Eng Ursaach kéint sinn, dass déi entspriechend Mesuren net wierklech verständlech si fir d'Gemengen. Dëse Guide soll all d'Méiglechkeeten oplëschten, déi eng Gemeng huet, vun enger City-App, iwwer digital Ausliesunge vun de Compteure bis hin zu engem Parkleetsystem. Et soll dobäi eng ganz einfach a praktesch Approche gewielt ginn. Eng Zesummenaarbecht mat der Klima-Agence ass ugeduecht.

## Ausbléck

De "Guide pour une digitalisation durable des communes du Luxembourg" soll am Joer 2026 iwwert eng Formatioun fir d'Gemenge getest a verbessert ginn, bis eng Versioun steet, déi aktiv ka promouvéiert ginn.





# Mol Nach Emol

**De Projet Mol Nach Emol versicht, d'Kreeslafwirtschaft an de Lëtzebuerger Schoulsystem z'integréieren, andeems onbenotzt Schoulmaterial recuperéiert gëtt an en zweet Liewe geschenkt kritt. Doduerch kënne ganz Schoulklasse gratis vum Material profitéieren an et gëtt verhënnert, datt erëmverwendbar Objeten ewechgehäit ginn.**

## Iwwerbléck

Am Joer 2025 gouf eng grouss Reunioun mat all de Partner um Kräizbierg organiséiert fir iwwert d'Weiderentwécklung vum Projet ze diskutéieren.
De Ressourcenzenter STEP ass och elo neie Partner vum Projet.
D'Sammelen an d'Ausdeele vu Material geet weider wéi virdrun. D'SuperDrecksKëscht iwwerhëlt den Transport vum Material an d'Leit vum Atelier Kräizbierg si nach ëmmer d'Partner fir d'Sënneren an d'Botze vun de Saachen ier se erëm an de Kreeslaf kommen.



## Ausbléck

De Projet soll op nationalem Niveau Fouss faassen (net nëmmen am Süden), an deemno och mat aneren Ateliers protégés a Ressourcenzentere schaffen. D'EBL soll weiderhin d'Koordinatioun fir de Projet leeden.



# Plastic Loop

**De Projet Precious Materials gouf duerch seng nei Partnerschaft mat DropCycle a.s.b.l. Mëtt 2025 emgedeeft op “Plastic Loop“. Dëst ass e Sensibiliséierungsprojet iwwer déi innovativ a kreativ Weidernotzung a Wäertschätzung vu Ressourcen, mat engem Fokus op de Plastik.**

## Iwwerbléck

Ufangs 2025 goufen virun der Partnerschaft mat DropCycle asbl 27 Workshoppen an der St George’s International School an an der Primärschoul um Briddel gehalen. Mat DropCycle goufen an der zweeter Hallschent vum Joer 2 Workshoppen an der Primärschoul zu Mäertert gehalen.
Den neie Workshop, dee fir Schoulklasse konzipéiert ass, proposéiert eng praktesch Upcyclingaktivitéit an e spillereschen Theoriedeel iwwer d’Kreeslafwirtschaft, de Recycling an den Upcycling.

## Ausbléck

Duerch déi nei Partnerschaft mat DropCycle hu mir en Deel vun dësem Joer domat verbruecht, de Workshop unzepassen. Fir dat nächst Joer géife mir gär méi Workshoppen halen, soudatt den Impakt vun der Sensibiliséierung méi grouss ka ginn.









# Betti a Litti spille mam Dreck

**Betti a Litti spille mam Dreck ass eng interaktiv Büneversioun vum “Mäin éischt Null-Offallbuch“ fir Kanner.**

## Iwwerbléck



Bedéngt duerch de grousse Succès vum Buch beim jonke Publikum, huet d’Ëmweltberodung zousätzlech Weeër gesicht, fir d’Thematik vum Offall an der Vermeidung nach besser ze vermëttelen.
Baséierend op den zwee Haaptpersonnage vum Buch, dem Betti an dem Litti, gouf e partizipativt Theatersték fir Schoulklassen a Fester geschaf. D’Opféierung gëtt vu professionelle Schauspillerinnen animéiert, déi d’Kanner mat duerch d’Geschicht begleeden a si ëmmer nees erausfuerderen aktiv deelzehuelen. Déi minimalistesch Bün mat Video-Leinwand, Tounkuliss an didakteschem Material erméiglechen et de logisteschen Opwand kleng ze halen an trotzdeem attraktiv fir den Zuschauer ze sinn.

D’Ëmweltberodung Lëtzebuerg këmmert sech ëm d’Buchunge vum Stéck an de Suivi vun de Kontrakter mat de Schoulen a Gemengen, wéi och vum externe Personal fir d’Animatioun vum Stéck. Ausserdeem gëtt ëmmer erëm kommunizéiert fir d’Nofro héich ze halen. D’Retouren, déi mir vum Léierpersonal iwwert eng digital Ëmfro kréien, si positiv a ginn awer och Hiweiser op méiglech Verbesserungen.

2025 gouf Betti a Litti spille mam Dreck **18 Mol** opgefouert.



## Ausbléck

D’Ëmweltberodung Lëtzebuerg wäert d’Stéck och 2026 weiderhin an de Schoulen an op Fester ubidden.



# Pedagogesch Kofferen

De liewege Buedem

**D'Iddi vun de pedagogesche Kofferen ass et, fir de Klassen oder aneren interesséierte Gruppen eng Rëtsch u Material a kompakten Informatiounen zur Verfügung ze stellen, fir een Theema an Theorie a Praxis entdécken ze kënnen.**




## Iwwerbléck

Am Laf vun 2025 ass un 2 pädagogesche Koffere geschafft ginn. Eng Kéier am Theema Waasser an eng Kéier am Theema Buedem. Béid stelle wichteg a sensibel Liewensräim duer déi wichteg sinn a geschützt musse ginn. D'Zil vun de Kofferen ass et de Kanner béid Milieue méi no ze bréngen an de Schoulmeeschter.innen een Tool ze gi fir dës Thematiken an der Schoul duerchzehuelen. Béid Koffere sinn esou opgebaut dat et ee prakteschen Deel an een theoreteschen Deel gëtt.

## Ausbléck

Fir 2026 wäerte béid Koffere fäerdeggestallt a getest ginn. Duerno kënnen d'Kofferen ausgeléint ginn.



# Invasiv Neophytten

**D'EBL huet an Zesummenaarbecht mat der ANF 2025 eng Broschür iwwer déi invasiv Neophytten an hir Alternative publizéiert. An dëser Broschür fannt dir eng Villzuel vun de net heemeschen Aarten, déi sech negativ op eis Biodiversitéit auswierken an awer och lauter Alternativen déi eng Plus-Value fir eis Natur hunn.**

## Iwwerbléck

De Begrëff Neophytte beschreift Planzenaarten déi an engem Gebitt net natierlech virkommen an sech onkontrolléiert ausbreeden. Déi Planzen hunn een negativen Afloss op eis Biodiversitéit, eis Infrastruktur an deelweis och op eis Gesondheet. Fir op dëse villfältege Problem opmierksam ze maachen, gouf an Zesummenaarbecht mat der Natur- a Bëschverwaltung a mam Ëmweltministère eng Broschür ausgeschafft. D'Zil ass et déi invasiv Planzenaarten de Leit méi no ze bréngen an Alternative virzeschloen. D'Broschür riicht sech u privat Gäertner- a Landschaftsbetriber, Gemengen, Naturschutzsyndikater an Ëmweltassociatiounen, wéi och u Privatleit. D'Broschür gouf Mëtt 2025 fäerdeggestallt an un all Gemengen an Acteur am Ëmweltberäich verschéckt. Op Events, wou d'EBL mat engem Stand vertruede wo, gouf d'Broschür mat groussem Succès un d'Leit verdeelt.

## Ausbléck

Invasiv Neophytte sinn a bleiwen ee wichtegt Theema wou weider sensibiliséiert muss ginn. Fir 2026 soll mam Ëmweltministère gekuckt ginn, wéi een dëse Sujet weider ugoe kann. D'Neophytte sollen och méi aktiv an der Campagne Ouni Pestiziden behandelt ginn.









# Wuerzelwierk

**D'Wuerzelwierk ass e Sensibiliséierungsprojet fir Schüler iwwer eng ëmweltfrëndlech Liewensmëttelproduktioun ze informéieren a gläichzäiteg Bauerenhäff ze ënnerstëtzen, déi nohalteg an ëmweltfrëndlech Praktiken uwenden.**

## Iwwerbléck

Am Joer 2025 hu mir ugefaang de Projet an déi verschidde Moduller konkret auszeschaffen, nodeems mir vun der Œuvre Grand-Duchesse Charlotte eng Zomm vun 20.635 € fir dëse Projet accordéiert kruten. Zwou Testklasse vum Maacher Lycée waren am Juni op de Fromburger Haff komm, fir en Atelier vun engem hallwen Dag ze testen. D'Infrastrukture si säitdeem verbessert ginn, fir Klassen optimal empfänken ze kënnen an och d'Ateliere goufen nom éischten Test weider ugepasst, fir d'Besoine vun de Schoule besser ze couvréieren.



## Ausbléck

Ab September 2026 kënnen déi verschidde Moduller vun de Schoulen (Cycle 4 aus dem Fondamental a 7e aus dem Lycée) gebucht ginn., Aner Häff solle kontaktéiert gi fir d'Moduller och bei hinnen unzebidden a Freelancer sollen ausgebilt ginn, fir dës an Zukunft kënnen ze halen an onofhängeg vun der Disponibilitéit vun den EBL Mataarbechter.innen ubidden ze kënnen.







# Bildung fir nohalteg Entwécklung

**D'Bildung fir nohalteg Entwécklung (BNE) ass bei der EBL déi lescht Joren ëmmer méi wichteg ginn a geet och iwwer eng normal Sensibiliséierung eraus. D'BNE-Aktivitéite si ganz villfälteg a fügen sech oft an aner EBL-Aktiounen an.**

## Iwwerbléck

D'BNE-Tätegkeete vun der EBL sinn net ëmmer direkt fir jidderee siichtbar, well se ganz divers sinn. Si kënne vun der Vernetzung vun an dem Austausch mat Acteuren aus dem Bildungsberäich, iwwer d'Weidergab vun Informatiounen a Material bis hin zum Hale vu Bildungsveranstaltungen a pedagogeschen Ateliere reechen. Am Joer 2025 hate mir 30 Reuniounen an Evenementer zu BNE, ënner anerem och Stänn an Atelieren op der YEP! Schoulfoire oder dem Kannerfloumaart Beetebuerg.

## Ausbléck

D'EBL wéilt an Zukunft gären de Beräich vun der BNE op all d'Alterskategorien a sozial Schichten ausbauen. Et ginn och Iwwerleeungen, fir verstäerkt BNE-Aktivitéiten op d'Been ze stellen, dës awer da vu selwer forméierte Freelance-Persounen oder Benevollen duerchféieren ze loossen. Dës hu mir an der Vergaangenheet scho vereenzelt erfollegräich gemaach. Eise Partenariat mam CNFPC kéint an där Hisiicht als Hiewel benotzt ginn, fir reegelméisseg a geziilt Atelieren a Formatiounen unzebidden.














# Drénkwaasser

Drénkwaasser
TRINKWASSER EAU POTABLE ÁGUA POTÁVEL

**Dat pedagogescht Material “Eist Drénkwaasser – Dem Melusina säi Choix“ riicht sech un d’Schüler vu Primärschoulen a Lyceéën a behandelt d’Theema Drénkwaasser. Dobäi gëtt iwwer d’Hierkonft vu Krunnewaasser zu Lëtzebuerg ënnerriicht, iwwer seng gesondheetlech a nohalteg Virdeeler an déi verbreete Mythen iwwer Krunnewaasser geschwat.**

## Iwwerbléck

Säit der Publikatioun vun der Lehrerhandreichung “Eist Drénkwaasser – Dem Melusina säi Choix“ am Joer 2022 bleift d’Waasserverwaltung (AGE) a Kontakt mat der EBL fir d’Dokument an d’Schoulen ze bréngen.
Fir d’Lehrehandreichung elo nach méi aktiv un d’Léierpersonal ze bréngen, huet d’EBL (zesumme mat der AGE) am Joer 2025 eng komplett Formatioun ausgeschafft, déi dem Léierpersonal weise soll, wéi een d’Lehrerhandreichung an der Klass ganz praktesch uwende kann.

## Ausbléck

Am Laf vum Joer 2026 soll d’Formatioun fir d’Léierpersonal gehale ginn. De Retour vun de Participantë soll duerno der EBL erméiglechen, d‘Sensibiliséierungsmaterial zum Theema Drénkwaasser weider unzepassen an ze verbesseren.



# Diplom +

**Den Diplom+ “Skills for climate“ ass en Zyklus vu Präsentatioune, koordinéiert vum CNFPC, iwwer méiglech Beruffsperspektive fir Lycéesschüler, déi no der 1ère nach Hëllef brauche fir sech ze orientéieren.**

**De Fokus vum Kuer läit op:**

- deenen aktuell gréissten Erausfuerderungen am Ëmweltschutz, wéi de Klimawandel, den Defi vun der Energie, d’Schwammstadt-Konzept, d’Kreeslafwirtschaft, d‘nohalteg Digitaliséierung, de Biodiversitéitsverloscht, d’Wichtegkeet vum Buedem, asw…
- de wichtegsten Acteuren am Ëmweltschutz zu Lëtzebuerg,
- enger Rei Ëmwelttheeme wéi de Klimawandel, d’Kreeslafwirtschaft, asw...










## Iwwerbléck

Vu Januar bis Mäerz 2025 hunn insgesamt 4 Klassen dorunner deelgeholl, wou d’EBL jee 7 Stonne Cours (1x 4 Stonnen an 1x 3 Stonnen) gehalen huet. Vun Oktober bis Dezember 2025 hu 5 Klassen dorunner deelgeholl. Hei huet d’EBL je 5 Stonne Cours gehal. Bei verschiddene Kueren ass och en “Expert-Invité” op d’Plaz komm, fir konkret Ablécker an den Alldag vun engem Beruff am Ëmweltsecteur ze ginn. Dësen Deel gouf vun EBL-Comitésmemberen (kommunal Ëmweltberoder) assuréiert.

## Ausbléck

Den Ëmweltministère wëllt dëse Formatiounszyklus am Joer 2026 gäre mat der EBL weiderféieren. D’Frequenz soll nach definéiert ginn.

# LUGA

**D'LUGA (Luxembourg Urban Garden Association) war eng temporär Gaardenausstellung, déi vum 7. Mee bis den 18. Oktober an der Stad an zu Ettelbréck stattfonnt huet. Iwwert dësen Zäitraum goufe Workshops, Visitten, Events a villes méi proposéiert.**

## Iwwerbléck

Als EBL, wéi och als Campagne Ouni Pestiziden, hu mir am Laf vum Joer e puer Aktivitéiten op der LUGA proposéiert:

- 3 Konferenzen iwwert de naturnoe Gaart mam Gäertner Simon Braschel
- 3 Workshops, wéi een säin Terrassegaart uleeë kann, mam Marianne Kollmesch
- 2 Workshops iwwert eis Bestëbser
- Virstellunge vum Theatersték "Betti a Litti spille mam Dréck"

Leider huet net all Aktivitéit stattfonnt, wëll net genuch Leit sech ugemellt haten.









# Des petits défis pour une planète en grand danger

**Zesumme mat der Entwécklungs-ONG EDI Madagascar a.s.b.l. war d'EBL 2023 an 2024 an e puer Schoulen ënnerwee, fir iwwer d'Konsequenze vum Klimawandel opzeklären. Am Zentrum stoung e Film iwwert de Klimawandel a seng Auswierkungen zu Lëtzebuerg, op Madagaskar a soss an der Welt.**

## Iwwerbléck

Unhand vu konkrete Fäll a Madagaskar, wou de Klimawandel elo schonn immens schlëmm Konsequenzen huet (Dréchent, Hongersnout), goufen och méiglech Konsequenzen op Lëtzebuerg an der Zukunft duergestallt an de Kanner esou méi däitlech erkläert. Ee vun de Message war och, datt aarm Länner, déi am meeschte vum Klimawandel betraff sinn, oft vill manner dozou bäidroen, am Verglach zu „räiche“ Länner, wéi Lëtzebuerg, mee dass d'Konsequenzen oft schlëmmer ausfalen. An awer wäerten dës och iergendwann bei eis däitlech ze spiere sinn. Den animéierte Film iwwert de Klimawandel a seng Auswierkungen, dee schonn 2024 extra fir de Projet zesummegestallt gouf, enthält eng Mëschung aus animéierte Biller (baséiert op d'Betti & litti Welt vum Drazen Medakovic) a reelle Biller aus Madagaskar.

Am Januar 2025 wor d'EBL nach a verschidde Primärschoulsklassen ënnerwee, fir de Film ze weisen an en Atelier zum Theema mat de Kanner ze halen. D'Aktivitéiten am Kader vun dësem Atelier waren an 3 Deeler opgedeelt:

- Eng Fresque, déi vun de Kanner aktiv opgebaut gouf, fir d'Konsequenze vun eisen Zäregas-Emissiounen op d'Weltklima ze demonstréieren.
- Eng philosophesch Ronn, an där verschidde Froen iwwert eis individuell a kollektiv Verantwortung an Aktiounsméiglechkeeten diskutéiert goufen.
- De “Kleng Schrëtt“-Workshop, bei deem Léisunge gesicht ginn, unhand vu ville klenge positive Gewunnechten, déi jiddereen a säin Alldag integréiere kann.





## Ausbléck

De Projet “Des petits défis pour une planète en grand danger” ass souwäit ofgeschloss. De Film an d'Biller vum Betti a Litti a Madagaskar kënnen awer eng ganz flott Inspiratioun sinn, fir en zukünftegt Buch iwwert de Klimawandel ze erstellen, am Kader vun der Serie „Mäin éischt Ëmweltbuch“.

# DiEFo

**Beim DiEFo (Digital Ëmwelt-Formatioun) handelt et sech ëm e Kofinanzprojet, deen zesumme mam MECB an der Stad Diddeleng ëmgesat gouf Et handelt sech dobäi ëm e sougenannt “serious game“, also enger Zort Spill, dat op eng flott an interaktiv Aart a Weis méi seriéis Inhalter vermëttelt.**

## Iwwerbléck

Dëse Projet war eng Demande vun der Stad Diddeleng, déi fir d’Personal vun der Gemeng eng innovativ Online-Formatioun zum Theema Offallvermeidung an Zirkularwirtschaft organiséiere wollten. Opgrond vu Mëssverständnesser bei der Kommunikatioun gouf déi initial Versioun vum Projet awer vun der Diddelenger Gemeng verworf an et gouf no engem Kompromëss gesicht, fir den DiEFo duerch verschidden Upassungen un d’Besoine vun der Gemeng ze adaptéieren. Am Joer 2025 gouf schlussendlech den Design, deen aus dem Null-Offall-Buch iwwerholl gi war, duerch e méi simpelen a “seriéisen” Design ersat. D’Vertounung blouf ewech. Verschidden Aktivitéite goufen och verbessert an aktualiséiert.




## Ausbléck

Déi nei Versioun vum “DiEFo – Null Offall“ wäert der Diddelenger Gemeng presentéiert ginn. De Projet soll och mat der SuperDrecksKëscht beschwat ginn, fir eventuell Collaboratiounen ze fannen.
Déi initial Versioun mat de Biller vum Null-Offall-Buch kann nach ëmmer eng flott Notzung fannen, fir e méi jonke Publikum.

# COMMODO



**D'Erstelle vun enger Geneemegung fir en établissement classé vun der Klass 2 läit an der Verantwortung vun de Gemengen. Dës Geneemegungsprozedur stellt nach ëmmer vill Gemenge viru Schwieregkeeten, well et laang keng homogen Bewäertungsgrondlag gouf.**

## Iwwerbléck

Scho virun iwwer 15 Joer huet d'EBL standardiséiert Formulairen ausgeschafft, déi d'Gemenge bei dëser Prozedur ënnerstëtzen an hinnen eng Bewäertungsgrondlag liwwere sollten. Dës Formulaire ginn nach ëmmer reegelméisseg benotzt a bei der EBL ugefrot. D'EBL huet am Laf vum Joer eng Partie Commodo-Formulairen ugepasst. Dobäi gouf de Layout erneiert an d'Lëscht mat den aktuelle Gesetzestexter ergänzt. Och déi neitst Upassung vun der Nomenclature gouf berücksichtegt. Et blouf awer éischter bei marginalen Ännerungen. Fir d'Gemeng Feelen gouf de Commodo-Formulaire fir Sportshalen a Festsäll aktualiséiert. Fir d'Gemeng Péiteng goufen d'Formulaire fir Festsäll, Restauranten, Forrains an Atelier-Garage aktualiséiert. Och den Arrêté-type fir Festsäll gouf ugepasst.

## Ausbléck

D'Commodo-Prozedur ass nach ëmmer en aktuellt Theema a vill Gemengen, virun allem déi, déi net oft domat ze dinn hunn, hu Probleemer mat der Ëmsetzung, opgrond vun der feelender Erfarung an Expertise. D'Initiativ fir d'Gemengen dozou ze forméiere soll erneiert ginn, gläichzäiteg mat den Efforten, d'Klass 2 endgülteg ofzeschafen.

# Leettheema Schwammstad/-duerf

**D'Theema Schwammstad/-duerf sollt dat neit Leettheema fir 2025 ginn. Aus Zäitgrënn gouf d'Theema awer zum groussen Deel op 2026 verréckelt.**

Trotzdeem ware mir net ganz ontäteg. Sou gouf et ënner anerem en Austausch mam Tom Becker vun der Uni.lu, mat der Stad Kopenhagen a mat der Stad Wiesbaden, déi eng Visitt ugebueden hunn, an och mat de Stied Wien a Chur. Dës weidere gouf festgehal, dass Kontakt mam LEADER Westen soll opgeholl ginn, fir hire Reseau an deem Kader ze notzen. Ausserdeem gouf festgehal, dass fir d'Leettheema e.a. eng Excursioun, e praktesche Cours an eng Fachkonferenz organiséiert solle ginn. Doriwwer eraus sollen eng Broschür an eng Infografik entstoen. Déi konkret Ëmsetzung ass da fir 2026 geplangt.



# Projeten, déi 2025 manner aktiv waren

De Projet “ Fro däi Coiffer “ gëtt et an där Form net méi. De Projet huet leider net déi Friichte gedroen, déi mir eis erwaart hunn, dëst aus verschiddene Grënn. D’Kaarten u sech sinn awer nach ëmmer als Sensibiliséierungsmaterial interessant a solle vläicht anerwäerts ënnert d’Léit bruecht ginn (z.B. a Jugendhaiser oder bei Scoutsgruppen).

D’Harespelberodunge goufe jo vun der EBL agestallt, och wa sporadesch nach emol Uriff erakommen, déi dann och alt emol beäntwert ginn. Et gouf sech awer op d’Verbreedung an d’Promotioun vum Harespelguide fokusséiert, deen da bei Ufroen och meeschtens verschéckt gouf.

D’Energie [light] Tabelle goufen 2025 just nach fir d’Gemeng Mäerzeg kontrolléiert an ugepasst. Si notzen d’Tabell säit 2019. Gespréicher gouf et iwwerdeems mat der Gemeng Beetebuerg, fir hier Tabellen nees ze reaktivéieren an auszebauen.

# Infografiken

**Eis Infografike ginn all Joer vu ville Gemenge genotzt a bréngen op déi Manéier vill Ëmwelttheeme bis bei de Bierger. Esou leeschten dës informativ Affichen an accessibele e wichtege Bäitrag zur Ëmweltsensibiliséierung vum Grand public.**

## Iwwerbléck

Am Joër 2025 sinn 2 nei Infografike publizéiert ginn:




KAZEN A BIODIVERSITÉIT

DE WÄERT VUN ENGEM BAM




## Ausbléck

Am Joer 2026 si follgend Theeme fir d'Infografike virgesinn: Steekoup, Sëtz- a Brutzäit, Vogelschlag, Fast Fashion. Zousätzlech soll och eng Infografik zum Theema ‚Schwammstadt' ausgeschafft ginn. Et besteet och d'Méiglechkeet, dat al EBL-Infografiken aktualiséiert a visuell nei opbereet ginn.

# Kleng Schrëtt

**D'Kleng Schëtt sinn eng Publikatiounsrei, déi aus verschiddenen Elementer besteet: Kaarte mat Fakten zum Theema, verschiddenen Aufgaben, déi ee maache kann an engem Quiz fir säi Wëssen ze testen.**

## Iwwerbléck

Am Projet "**Kleng Schrëtt**" ass eng nei Serie ausgeschafft ginn, zum Theema "**Liewege Buedem**". Eise Buedem gëtt dacks vergiess, well en ënnert eise Féiss 'verstoppt' ass. Dobäi ass en e ganz wichtegen a faszinanten Ökosystem, deen eng immens Biodiversitéit a sech dréit. Dozou hu mir also eng Infografik, 21 Fakten-Kaarten, Challengen an e Quiz ausgeschafft. Dëst Sensibiliséierungsmaterial gouf inhaltlech a visuell komplett vun der EBL ausgeschafft, mat der finanzieller Ënnerstëtzung vun der Ëmweltverwaltung. Et soll eréischt am Fréijoer 2026 publizéiert ginn, well d'Buedemthematik da méi aktuell ass.

## Ausbléck

Am Fréijoer 2026 soll d'Serie "Kleng Schrëtt - Liewege Buedem" publizéiert ginn.


















# Austausch mat der EU-Kommissioun

Am Januar hate mir e gréisseren Austausch mat der Madame Anne-Marie HAURE vun der EU-Kommissioun, Policiy Officer for Luxembourg in the Directorate-General for Environment, zesumme mat 2 Kolleginnen, déi sech haaptsächlech mat der Landwirtschaft an hirem Impakt op d'Ëmwelt beschäftegen. Dësen Austausch huet am Kader vun hirem **European Semester** stattfonnt, wou d'Kommissioun op Tuchfühlung mat ënnert anerem den Ëmweltschutzorganisatiounen aus alle Länner geet, fir ze kucke wat nach Verbesserungspotential huet a wou de Schong dréckt an der Ëmsetzung vun hirer "sustainability policy". Dorauser entsteet e Rapport deen dann als Recommandatioun ënnert anerem un déi jeeweileg Gouvernementer vun de Memberstaate weidergeleet gëtt. Nieft der EBL goufen och n&ë an de Méco befrot. D'EBL huet ë.a. d'Theeme Biodiversitéit, économie circulaire (Déconstruction, Valoriséiere vu Ressourcen), Schwammstadt/-duerf an divers EBL-Projeten ugeschwat.

# Ernärungsrot, Buedemgesellschaft a Voĉo

D'EBL huet 2025 un der Prozedur fir d'Schafung vun engem **Ernärungsrot** deelgeholl a war och bei der Grënnungsveranstaltung mat dobäi. D'EBL huet dann och e Stëmmrecht als Member vun dësem Rot. Och bei der nei gegrënnter **Buedemgesellschaft** war d'EBL um Entstehungsprozess bedeelegt, huet sech allerdéngs net als Grënnungsmember agedroen. Doriwwer eraus war d'EBL staark bei **Voĉo** involvéiert, engem Zesummeschloss vun Acteuren aus der Zivillgesellschaft. Et goufen e.a. Avisen zum Manifestatiounsgesetz oder dem Platzverweis mat ausgeschafft an un der Charte fir de Mouvement matgewierkt. Och de Logo vu Voĉo gouf vun der EBL entwéckelt. Géint der Enn vum Joer huet d'EBL sech awer verstäerkt zeréckgezunn, dëst opgrond vun Differenze wat d'Ausriichtung vu Voĉo ugeet.



# Reseautage

## Ausbléck

D'EBL wäert och 2026 weiderhin de Reseautage pfleegen an ausbauen. Et ass virgesinn, dass bestoend Partnerschaften opgefrëscht solle ginn. Och den Engagement an aneren nationalen an internationale Gremie soll wieder bäibehal an ausgebaut ginn.



# Kommunikatioun



Fir eis Kommunikatiounsstrategie an eis Aarbechtsweis weider ze verbesseren, gouf am Dezember 2025 eng Klausur organiséiert mat den EBL-Mataarbechter a mam Comité. Am Fokus stoungen dobäi virun allem déi strategesch Ausriichtung, d'Kärmissioun vun der EBL, souwéi d'Prioriséierung vun den Aufgaben. Donieft goufen och déi intern Organisatioun vun der EBL (vun de Mataarbechter, dem Comité an d'Zesummespill tëscht béiden) an déi jeeweileg Responsabilitéiten thematiséiert.





Follgend Punkte goufen am Kader vun der Klausur festgehalen:

- D'EBL soll och an Zukunft weiderhi breet opgestallt bleiwen a generell Projeten entwéckelen, ouni sech ze staark op eenzel, ganz spezialiséiert Ëmwelttheemen ze fokusséieren.

- D'Sensibiliséierung vu Gemengen a Bierger bleift eng zentral Aufgab, déi d'EBL iwwer verschidde kloer definéiert Kanäl fir déi verschidden Zilgruppe weiderféiert.

- Wéinst der diverser Offer u Servicer vun der EBL an der begrenzter Zuel u Mataarbechter kënnen eenzel Aktivitéite just limitéiert ugebuede ginn. Dowéinst gouf festgehalen, manner dacks mat engem eegene Stand op Eventer vertrueden ze sinn, a sech éischter op Aktivitéiten ze konzentréieren, déi eng reell a gräifbar Plus-value fir d'EBL bidden. Dëst schéngt och eng kohärent Decisioun ze sinn, wann ee kuckt, wéi wéineg Ëmweltfester mëttlerweil besicht ginn.

- D'Offer fir Memberen an Net-Membere soll méi kloer differenzéiert ginn, fir d'Virdeeler vun enger Memberschaft nach méi däitlech ervirzehiewen.

# Kommunikatioun

Donieft gouf weiderhi fir eist Zilpublikum an de Grand Public kommunizéiert, fir ze sensibiliséieren an ze informéieren :



# Press a Radio





D'EBL gouf 2025 e puer mol a verschiddene Presseorganer, Zeitungen an um Radio erwäänt.
Um Radio 100,7 war d'Ëmweltberodung insgesamt 4 mol fir en Interview am Kader vun der Serie "**Biotop**" :

- **déi pickeg Wourecht iwwer Rouse fir Vältesdag** (11. Februar)
- **d'Auswierkung vun de Kazen op d'Biodiversitéit** (14. Abrëll)
- **"naturnoe Gaart" – Eng Oase fir eis an Déieren** (17. Juni)
- **de Wäert vun engem Bam** (2. Dezember)

De 16. Juni war d'EBL iwwerdeems als Gaaschtriedner mat der SDK bei RTL fir de Projet Gutt Geschier virzestellen.



Nohalteg Initiativ zu Esch

**Gratis Geschier ausléinen: Gutt fir d'Ëmwelt an de Portmonni**

RTL Lëtzebuerg

**Wéi dacks koum är Buermaschinn oder soss Aarbechtsgeschier an den Asaz?**

Update: 11.12.2025 15:10

An der Press stoungen Artikelen iwwer d'Eréffnung vum neie Gutt Geschier Punkt zu Déifferdeng an iwwer d'Woch Ouni Pestiziden vun der Campagne Ouni Pestiziden.



**Differdange ouvre sa bibliothèque d'outils avec Gutt Geschier**

De: Le Quotidien Dans Luxembourg Mis à jour le 15/10/25 15:58 | Publié le 15/10/25 15:42

Le stock contient aussi des engins comme des bétonnières, du matériel de tapisserie ou de jardinage. (Photo : Alain Rischard)

Citoyens et associations peuvent emprunter gratuitement des outils et engins pour leurs travaux de bricolage.



**Un quiz pour apprendre à se passer des pesticides**

De: Le Quotidien Dans Luxembourg Mis à jour le 18/03/25 9:52 | Publié le 18/03/25 9:52

75 % de la biomasse des insectes volants a disparu au cours des 25 dernières années. (Photo : archives afp)

Du 20 au 30 mars aura lieu la Semaine sans pesticides internationale. Au Luxembourg, la campagne Ouni Pestiziden tente de sensibiliser le public sur le sujet.

# Press a Radio







## Pesticides

### Que sont les pesticides et quelles sont les alternatives?

**Depuis 2009, la campagne «Ouni Pesticiden» (sans pesticides) s'engage pour l'abandon de l'utilisation des pesticides dans les espaces publics et communaux, ainsi que dans les ménages privés et l'agriculture.**

La majeure partie de la campagne consiste à sensibiliser et à apporter un soutien technique aux autorités publiques et aux responsables politiques, aux bureaux d'études, aux entreprises de jardinage et d'entretien des paysages, aux citoyens et aux autres acteurs qui sont en contact direct ou indirect avec les pesticides.

La campagne s'engage pour une meilleure qualité de vie et pour la préservation de la biodiversité. Parmi les partenaires et les soutiens de la campagne figurent aussi bien des organisations de protection de la nature et de l'environnement que des entreprises du secteur privé, des administrations publiques, des ministères et des parcs naturels.

Qu'est-ce qu'un pesticide ?

Pesticide est un terme générique désignant les substances et produits chimiques utilisés pour éliminer les plantes, animaux et champignons indésirables. Ces produits portent différents noms en fonction de leur utilisation :

- les **herbicides** contre les plantes considérées comme des «mauvaises herbes»
- les **insecticides** contre les insectes (p. ex. mites, fourmis, moustiques, etc.)
- les **fongicides** contre les moisissure ou comme protection contre les moisissures
- les **bactéricides** contre les bactéries (par ex. dans les antibiotiques et les désinfectants)
- les **rodenticides** contre les rats, les souris et autres rongeurs, etc.

La plupart du temps, ces produits se composent d'une substance dite 'active' (la substance qui intoxique les organismes ciblés), ainsi que d'additifs pour la mise en forme ou l'amélioration de l'efficacité.

La substance active varie en fonction de l'application. Les premiers pesticides étaient des neurotoxique montre bien le danger qu

Des solutions possibles

La réduction de l'utilisati dans les communautés est essentielle pour mini environnementaux et p humaine et la nature. Ur consciente des pesticide à réduire la pression sur et à promouvoir la durab de l'agriculture et de nc Dans ce contexte, la ca tons différentes solutio inciter à changer d'avis.

Source: https://www.ounipestiz

*De Konsument : Wat si Pestiziden a wat fir eng Alternative gëtt et ?*



## Pestizide

### Was sind Pestizide und welche Alternativen gibt es?

**Seit 2009 setzt sich die Kampagne „Ouni Pestiziden" für den Verzicht des Pestizideinsatzes im staatlichen und kommunalen Raum, sowie in privaten Haushalten und in der Landwirtschaft ein.**

Der größte Teil der Kampagne liegt in der Sensibilisierung und der fachlichen Unterstützung von öffentlichen Behörden und politischen Verantwortlichen, von Planungsbüros, Gärtner- und Landschaftspflegebetrieben, Bürgern und sonstigen Akteuren, die direkt oder indirekt mit Pestiziden in Berührung geraten.

Die Kampagne setzt sich für mehr Lebensqualität und für die Bewahrung der Biodiversität ein.

Zu den Partnern und Unterstützern der Kampagne zählen sowohl Natur- und Umweltschutzorganisationen als auch privatwirtschaftliche Betriebe, öffentliche Verwaltungen, Ministerien und Naturparks.

Was zählt zu den Pestiziden?

Pestizide ist ein Sammelbegriff für chemische Substanzen und Produkte, die zur Beseitigung unerwünschter Pflanzen, Tiere und Pilze eingesetzt werden. Je nach Anwendungsbereich haben diese Produkte verschiedene Namen:

- **Herbizide** gegen Pflanzen, die als „Unkraut" angesehen werden
- **Insektizide** gegen Insekten (z.B. Motten, Ameisen, Stechmücken, usw.)
- **Fungizide** gegen Pilzbefall oder als Schutz gegen Schimmel
- **Bakterizide** gegen Bakterien (z.B. in Antibiotika und Desinfektionsmitteln)
- **Rodentizide** gegen Ratten, Mäuse und andere Nagetiere

Meistens bestehen diese Produkte aus einer sogenannten aktiven Substanz (dem eigentliche Pestizidwirkstoff), sowie aus Zusatzstoffen zur Formgebung oder Effizienzsteigerung. Die aktive Substanz variiert je nach Anwendungsbereich. Die ersten Pestizide waren abgewandelte Nervengifte, was die davon ausgehende Gefahr verdeutlicht.

Lösungsansätze?

Die Reduzierung des Pestizideinsatzes in Gemeinden und Haushalten ist von entscheidender Bedeutung, um Umweltauswirkungen zu minimieren und die Gesundheit von Mensch und Natur zu schützen. Ein bewussterer Umgang mit Pestiziden kann dazu beitragen, die Belastung für Ökosysteme zu verringern und die langfristige Nachhaltigkeit von Landwirtschaft und Lebensstil zu fördern.

Quelle: https://www.ounipestiziden.lu/

# Veranstaltungen

2025

**Klima- an Ëmweltforum Beetebuerg** 8. März

**Somefestival** 22. Mäerz




**Sustainability Week St. Georges International School** 24-28. Mäerz



**Maart um Haff** 30. Mäerz



**YEP Schoulfoire** 28. - 30. Abrëll




**Klima- a Biodiversitéitsdag** 18. Mee



**Assemblée Générale um Fromburger Haff** 22. Mee



**Circular Hub Family Day Woltz** 14. Juni




**Fest vun der Natur** 15. Juni




**Ëmweltmaart Habscht** 29. Juni

**Kass-Haff-Fest** 5. Juli



**Kannerfloumaart Beetebuerg** 19. Juli



**Oekofest** 21. September



**SIVEC Upcycling Day** 28. September



**Assises climatiques Schengen** 30. Oktober



**Renaturéierungsdësch** 11. November



**Givenich - Offallformatioun** 19. November



# Avisen

**Politesch Stellungnamen zu Gesetzesprojete gehéieren zwar net zum Kärgebitt vun der EBL, d'Analyse vu gesetzlechen a reglementareschen Texter ass awer onëmgänglech, wann een den Ëmweltschutz virubrénge wëllt.**

## Iwwerbléck

Dofir huet d'EBL och 2025, wéi och schonn an der Vergaangenheet, nees 2 Avisen ausgeschafft zu zwee Gesetzestexter, déi en direkten Impakt op de kommunalen Ëmweltschutz hunn. Engersäits gouf am Avis am Kader vun der consultation publique zum Kalenner an Aarbechtsprogramm fir de **4. Waassergestiounsplang (2027-2033)** d'Fro opgeworf, ob déi proposéiert Mesuren duerginn. Am Avis proposéiert d'EBL e.a. méi e nohaltegen Ëmgang mat eise Waasserressourcen (Taxen, Reewaassernotzung, Drénkwaassergrondbedarf, etc.), d'Ofstelle vun diverse Verschmotzungen (Recherche pollueurs, Temperaturpollutioun, etc.), méi Gemengenautonomie, eng besser Koordinatioun tëscht Naturschutz a Waasserschutz an d'Mise en place vun engem Waasserrot.

An engem zweeten Avis am Kader vun der consultation publique zur mise à jour vum " **Plan national de la Gestion des Déchets et des Ressources (PNGDR)** " äussert sech d'EBL ënner anerem zu den Theeme Bauschut a Buedemaushub, Materialauswiel a modular Bauweisen, Taxereegelungen, Méiweeverpackungen an dem Färdere vun der Zirkulärwirtschaft.




## Ausbléck

D'EBL wäert och 2026 weiderhin déi aktuell Ëmweltgesetzer a -reglementer am A behalen a falls néideg, nees Avisen ausschaffen a Propose maachen, fir och um reglementareschen an administrative Plang den Ëmweltschutz ze färderen an ze vereinfachen. Eis Presenz an diverse Réit a Gremie soll dës Intentioun nach verstäerken a kéint souguer nach wieder ausgebaut ginn.

# Mir si geplënnert

No 8 Joer a ville schéine Momenter am Bamhaus ass am November 2025 fir eis d'Zäit komm, en neit Kapitel opzeschloen. Mir soen der Bamhaus-Communautéit e grousse Merci fir déi vill interessant Gespréicher, déi etlech Zesummenaarbechten an déi gemeinsam Zäit. D'EBL ass säit dem 1. Dezember 2025 op follgend Adress geplënnert an ze fannen






**Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l**

63, boulevard de la Pétrusse
L-2320 Luxembourg

Tel : (+352) 621 753 628
E-Mail : info@ebl.lu
www.ebl.lu

D’EBL ass d’nächst Joer erëm mat Innovatioun,
Motivatioun an Teamgeescht fir Iech do!




EbL
Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.

Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.

63, bd de la Pétrusse | L-2320 Luxembourg
info@ebl.lu
+352 621 753 628


EbL
Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.

WWW.EBL.LU